# Gemengerotssëtzung vum 12. Oktober 2023

| | |
|---|---|
| Present : | Isabelle BÂLON, Myriam BINCK, Mike BOLMER, Danielle FILBIG, Christophe HEYMES, Jacques HUBERTY, Sonja KETTMANN, Myriam PICARD, Romain RAUSCH, Pol THILL, Tom WANDERSCHEID. |
| Gemengesekretär : | Marc PLETGEN |
| Redakter : | Conny WANTZ |
| Entschëllegt : | / |

## 1. Schäfferotserklärung.

De Gemengerot huet d'Schäfferotserklärung, déi vun der Buergermeeschtesch presentéiert gouf, zur Kenntnis geholl.

## 2. Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.

De Gemengerot huet ee Projet fir d'Opdeelung vun 2 Parzellen zu Bungeref, rue des Romains, an 3 verschidde Lousen ugeholl.

VOTT : 11x jo

## 3. Deliberatioun iwwer d'Schafen an d'Zesummestelle vun de berodende Kommissiounen.

De Gemengerot huet decidéiert fir nëmmen eng fakultativ berodend Kommissioun ze schafen an dës « Biergerkommissioun » ze nennen. Dës Kommissioun gëtt mat all deene Matière chargéiert, mat deenen déi fakultativ berodend Kommissiounen, déi an der viregter Legislaturperiod geschaf goufen, chargéiert waren, nämlech d'Jugendkommissioun, Sportskommissioun, Kulturkommissioun an d' Familljekommissioun.

VOTT : 6x jo a 5x nee

## 4. Deliberatioun betreffend d'Hausuerdnung.

De Gemengerot huet eng modifizéiert Hausuerdnung vum Gemengerot ugeholl.

VOTT : 11x jo

## 5. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vum Deelbebauungsprojet betreffend Terrainen zu FOULSCHT, « im Feld ».

De Gemengerot huet déi geännert Versioun vum Deelbebauungsprojet « im Feld » betreffend Terrainen zu FOULSCHT an der rue des Champs (« im Feld ») geneemegt. De Gemengerot huet festgestallt, datt den Deelbebauungsprojet eng Cessioun vu 15,15 Ar Privatterrain an ëffentleche Besëtz virgesäit, wat 22,64 % vun der Gesamtfläch vum PAP entsprécht an huet decidéiert, datt keng Ausgläichsentschiedegung un d'Gemeng bezuelt gi muss, well dës keng Aarbechten am direkten Interêt vum betraffene PAP auszeféieren huet.

VOTT : 11x jo

## 6. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue Jean-Jacques Klein.

De Gemengerot huet de Projet fir eng punktuell Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue Jean-Jacques Klein ugeholl. Dëse Projet gesäit déi

follgend Ännerung vum grafeschen Deel vum PAG vir:

- Klasséiere vun der viséierter Parzell, déi sech aktuell an der landwirtschaftlecher Zon « AGR » befënnt, an d'Wunnzon 1 « HAB-1 ».

VOTT : 11x jo

**7. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun enger punktueller Ännerung vum Deelbebauungsplang « besteeënde Quartier » betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue Jean-Jacques Klein.**

De Gemengerot huet déi punktuell Ännerung vum Deelbebauubgsplang « besteeënde Quartier » betreffend eng Kadasterparzell zu UESCHDREF, rue Jean-Jacques Klein geneemegt. Dës Ännerung gesäit vir, datt eng Parzell vu +/- 5 Ar a 70 Zentiar an der rue Jean-Jacques Klein zu UESCHDREF an de « PAP-QE - Wunngebitt » agefüügt gëtt.

VOTT : 11x jo

**8. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu HUESCHTERT, rue Principale.**

De Gemengerot huet de Projet vun enger punktueller Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang betreffend Kadasterparzellen, respektiv Deeler vu Kadasterperzellen an der rue Principale zu HUESCHTERT geneemegt. Dëse Projet gesäit follgend Ännerunge vum grafeschen Deel vum PAG vir:

- Reklasséiere vun enger landwirtschaftlecher Zon a vun enger Familljegäert-Zon an eng gemëschten dierflech Zon,
- Iwwerlagerung vun der neier gemëschter dierflecher Zon mat enger Zon déi engem Deeelbebauungsprojet « neie Quartier » ënnerläit,
- Reklasséiere vun enger Familljegäert-Zon an eng landwirtschaftlech Zon a Läsche vun der Zon, déi engem Deeelbebauungsprojet « neie Quartier » ënnerläit, fir de betraffenen Terrain.

*Absence Artikel 20 vum Gemengegesetz : Här Christophe HEYMES*

VOTT : 10x jo

**9. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun enger punktueller Ännerung vum Deeelbebauungsprojet « besteeënde Quartier » betreffend Terrainen zu HUESCHTERT, rue Principale.**

De Gemengerot huet déi punktuell Ännerung vum Deelbebauubgsplang « besteeënde Quartier » « HOSTERT, rue Principale » geneemegt. Dës Ännerung gesäit Follgendes vir:

- Inklusioun an den « PAP-QE – dierfleche Raum 2 » vun enger Fläch vu +/- 7 Ar, respektiv Eraushuele vun enger Fläch vu +/-1 Ar aus der selwechter Zon.

*Absence Artikel 20 vum Gemengegesetz : Christophe HEYMES*

VOTT : 10x jo

**10. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu PÄREL, rue des Champs.**

De Gemengerot huet de Projet vun enger punktueller Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang betreffend Kadasterparzellen, respektiv Deeler vu Kadasterperzellen an der rue des Champs zu PÄREL geneemegt. Dëse Projet gesäit follgend Ännerunge vum grafeschen Deel vum PAG vir:

- Reklasséiere vun enger Wunnzon 1 an eng gemëschten dierflech Zon,
- Reklasséiere vun enger landwirtschaftlecher Zon an eng gemëschten dierflech Zon.

VOTT : 11x jo

**11. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun enger punktueller Ännerung vum Deelbebauungsplang « besteeënde Quartier » betreffend Terrainen zu PÄREL, rue des Champs.**

De Gemengerot huet déi punktuell Ännerung vum Deelbebauubgsplang « besteeënde Quartier » « PERLE, rue des Champs » geneemegt. Dës Ännerung gesäit Follgendes vir:

- Klasséieren an eng Zon PAP « bestoende Quartieren – dierfleche Raum 3 » vu Kadasterparzelle vun enger Fläch vun +/- 51 Ar, déi am Moment follgendermoosse klasséiert sinn: « bestoende Quartier – dierfleche Raum » respektiv « landwirtschaftlech Zon » ;
- Ännerung vun e puer Dispositiounen am schrëftlechen Deel a Relatioun mat der Ëmsetzung vum PAP « bestoende Quartieren – dierfleche Raum 3 ».

VOTT : 11x jo

**12. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu RAMMERICH, rue de Schwiedelbrouch**

De Gemengerot huet de Projet vun enger punktueller Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang betreffend Kadasterparzellen, respektiv Deeler vu Kadasterperzellen mat enger Gesamtfläch vun +/- 32 Ar an der rue de Schwiedelbrouch zu RAMMERICH. Dës Ännerung gesäit Follgendes vir:

- Iwwerlagerung vum betraffenen Terrain mat enger Zon, déi engem Deeelbebauungsprojet « neie Quartier » ënnerläit, am Plaz vun der geméschter dierflecher Zon.

VOTT : 11x jo

**13. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vun enger punktueller Ännerung vum Deelbebauungsplang « besteeënde Quartier » betreffend Terrainen zu RAMMERICH, rue de Schwiedelbrouch.**

De Gemengerot huet déi punktuell Ännerung vum Deelbebauubgsplang « besteeënde Quartier » « RAMBROUCH, rue de Schwiedelbrouch » geneemegt. Dës Ännerung gesäit Follgendes vir:

- Iwwerlagerung vun engem Deel vun de Kadasterparzelle mat enger Gesamtfläch vun +/- 32 Ar an der rue de Schwiedelbrouch, déi am Moment an enger Zon « besteeënde Quartier– dierfleche Raum 2 » sinn, mat enger Zon, déi engem Deeelbebauungsprojet « neie Quartier » ënnerläit.

VOTT : 11x jo

**14. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun der Grondsteier fir d'Joer 2024.**

De Gemengerot huet d'Tauxe vun der Grondsteier fir d'Joer 2024 follgendermoosse festgeluecht:

- Grondsteier A : Landwirtschaftlech Betriber: 400%
- Grondsteier B : Privatleit: 400%.

VOTT : 8x jo an 3x neen

**15. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2024.**

De Gemengerot huet den Taux vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2024 op 280 % festgeluecht.

VOTT : 11x jo

**16. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun 2023 iwwer de Club Senior « Atertdall ».**

De Gemengerot huet d'Konventioun guttgeheescht, déi den 3. Februar 2023 vun der Ministesch fir d'Famill an d'Integratioun, der Ariichtung fir d'Verwaltung an de Schäfferéit vun de Gemenge Biekerich, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Rammerich, Réiden, Säll, Useldeng, Viichten a Wal ënnerschriwwe ginn ass an déi d'Organisatioun, de Fonctionnement an de Finanzement vum Animatiouns- a Begleedungzenter fir eeler Leit (Club Senior Atertdall) fir d'Joer 2023 reegelt.

VOTT : 11x jo

**17. Deliberatioun betreffend d'Verdeelung vum zousätzleche Congé politique.**

De Gemengerot huet d'Verdeelung vum zousätzleche Congé politque vun de Gemengerotsmembere folgendemoosse festgehalen :

- Madamm Myriam BINCK, Buergermeeschtesch : 4 Stonne pro Woch ;

- Här Mike BOLMER, Schäffen : 2 Stonne pro Woch ;
- Madamm Sonja KETTMANN, Schäffen : 3 Stonne pro Woch.

VOTT : 9x jo an 2x nee

**18. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Verkafspräis vum Brennholz.**

De Gemengerot huet Follgendes decidéiert :

- De Grondsaz vum Verkaf vum Brennholz un Interessenten,
- Net méi ewéi 15 m³ Brennholz pro Adress ze verkafen, dëst fir ze verhënneren, datt d'Interessenten e Commerce mam, vun der Gemeng verkaafte, Brennholz bedreiwen. Déi genau Quantitéit pro Adress gëtt unhand vun den agereechte Commanden an der Quantitéit u Brennholz, déi an d'Vente geet, festgeluecht,
- Nëmmen esouvill Holz an d'Vente ze ginn, wéi eng nohalteg Gestioun vum Gemengebësch erlaabt,
- De Verkafspräis, no Récksprooch mam Fieschter, follgendermoosse fir déi verschidde Brennholzzorte festzeleeën :

| | Präis ouni TVA | Präis mat TVA (12%) |
|---|---|---|
| Kouert Bichenholz | 125,00 € | 140,00 € |
| Kouert Eechenholz | 115,00 € | 128,80 € |
| Laangholz Bichen (m³) | 55,00 € | 61,60 € |
| Laangholz Eechen (m³) | 50,00 € | 56,00 € |
| Zouschlag fir d'Zouschneiden (pro Kouert) | 30,00 € | 33,60 € |
| Zouschlag fir d'Liwwerung (pro Kouert) | 12,00 € | 13,44 € |

VOTT : 11x jo

**19. Deliberatioun iwwer d'Ufro vun Zousazkreditter am uerdentleche Budget vun den Depensë vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2023 (Budgetsmodifikatiounen 1/2023).**

De Gemengerot huet decidéiert fir den ordinäre Budget vum lafenden Exercice entspriechend der, vum Schäfferot virgeschloener, Lëscht ëmzeänneren.

VOTT : 11x jo

**20. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Recetten.**

De Gemengerot huet eng Rei Recettendeklaratioune fir dat lafend Budgetsjoer ugeholl.

VOTT : 11x jo

**21. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.**

De Gemengerot huet d'Äntwerte vum Schäfferot betreffend d'schrëftlech vun de Conseillere vun der demokratescher Partei (DP) agereechte Froen zur Kenntnis geholl.